



vicë vum legale Contrôle vun de Konten agefouert, dat an der Optik, fir ee Marché unique ze verwickelen. Des Weidere gëtt d'Koordinatioun tëschent den nationale Kontrollautoritéit verbessert, andeems de sougenannte Committee of European Auditing Oversight Bodies geschafe gëtt, deen all déi national Institutionen zesummenzitt.

Mat dësem Gesetzesprojet ginn awer och nach punktuell Ännerungen um Gesetz vun 2009 virgeholl, déi iwwert d'Ëmsetzung vun der europäescher Auditreform ginn. Dozou gehéiert eng Ausdehnung vun de Befugnisse vum Réviseur d'entreprises. Doriwwer eraus kritt d'CSSF, wéi d'éinescht bemierkt, d'Kompetenz, fir Reklamatiounen vun Drëttpersonen entgéintzuehuelen, wann et ëm de legale Contrôle vun de Konte geet.

Här President, d'Kontabilitéit ass haut eng héich technesch a prezis, well norméiert Sprooch, an d'Auditfirme musse kucken, dass dës Sprooch richtig benotzt gëtt, well wann et zu Iertümmer an der Kontabilitéit kënnt an déi ginn net behuewen, da kann et an eise moderner Finanzsystem oder Finanzapparat zu Feelentwécklung kommen. Et ass duerfir nëmme richtig, dass mir haut en Text virun eis leien hunn, deen de Beruff vum Audit oder Auditeur stäerkt, soudass dës Leit hirer Aarbecht an aller Seriositéit bezéiungsweis Gewësshaftegkeet nogoe kënnen.

Dat gesot, soen ech alle Bedeelegten, dem Finanzminister, senge Beamte Merci. Ech wëll dat bei dësem Merci och beloossen. Ech ginn natierlech och heimat den Accord vun der demokratescher Fraktioun. An, Här President, ech bedanke mech fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Rapporteur fir säin exzellente Rapport. *(Interruptions et hilarité)*

An ech géif schoonn am Virus dem Här Laurent Mosar Merci soen.

(Hilarité générale)

Discussion générale

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Här President, Dir sidd ze schnell de Mëtten!

Merci natierlech och vun eiser Säit un eisen exzellente Rapporteur André Bauler, deen amgaangen ass, sech zu engem ausgewiesene Finanzspezialist ze entwéckelen. Vu datt den Här Bauler esou kloer an detailléiert a sengen Aussoe war, brauch ech eigentlech net ganz vill derbäizesetzen. Ech wollt trotzdem nach eng Kéier déi dräi Hauptpunkte vun dësem Projet de loi resüméieren, wat eng Transpositioun vun enger Direktiv ass.

Fir d'Alleréischts gëtt nach eng Kéier d'Roll vum Auditeur ganz kloer definéiert.

Zweetens - an dat ass e Punkt, mengen ech, Här Finanzminister, dee gëtt ëmmer méi wichteg -: Och hei gëtt den europäesche Pass agefouert. Mir hunn an deene leschten Deeg, besonnesch am Kontext vum Brexit, ëmmer erëm héieren, wéi wichteg deen europäesche Pass ass, fir datt och an Zukunft kënnen allegueren déi Auditeuren, déi hei zu Lëtzebuerg sinn, och vun deem europäesche Pass profitéieren, wat hinnen dann och d'Méiglechkeet gëtt, am EU-Ausland aktiv ze sinn.

An da ginn awer och eng Rei vun internationalen Norme weider fortgeschriwwen. Och dat ass en äusserst wichtige Punkt.

Ech wollt vläicht ganz kuerz, Här Finanzminister, zwee Punkten eng Kéier kuerz uschneiden, an ech wär och frou, wann Der eis vläicht herno kéint do déi eng oder aner Äntwert ginn.

Fir d'Alleréischts ass et jo esou, datt dat hei en extrem komplexen Dossier ass mat schrecklech villen Artikelen. Wéi gesot, de Rapporteur huet versicht, sech do derduerch ze beginn. An do sinn natierlech eng ganz Rei vun Dispositiounen, déi si relativ flou, wat och net aneschtens ka si bei esou engem Projet. An do, mengen ech, schéngt mer wichteg ze sinn, datt awer elo op verschidde Punkten d'CSSF Prezisiounen gëtt fir d'Professioun vum Audit, wéi och sollen déi Artikelen ausgeluecht ginn. Ech wëll och do op den Avis vum Institut des réviseurs hiweisen, dee sech och mat där doter Thematik beschäftegt huet. Also ech wier wierklech frou, wann och esou schnell wéi méiglech d'CSSF do kéint Prezisiounen ginn.

Ech wëll och soen, ech gesinn dat net als en Nodeel, datt hei op enger Rei vu Punkte mer net ze vill prezis sinn. Dat gëtt eis och eng gewësse Marge de manœuvre. Mä et wier awer trotzdem wichteg, Här Finanzminister, wann

do d'CSSF relativ schnell géif déi Prezisiounen ginn.

En zweete Punkt, wou ech lech wollt sensibiliséieren - mä ech mengen, Dir sidd sensibiliséiert -, dat ass natierlech, wann elo deen europäesche Pass do agefouert gëtt, heescht dat jo och, datt aner Auditeuren direkt hei kënnen op Lëtzebuerg kommen. Déi kënne sech och melle fir ëffentlech ausschreiwungen. Dat ass ëmmer eppes, wat fir eng relativ grouss Konkurrenz ka suergen.

Mir ass an der zoustänneger Kommissioun vun Äre Leit gesot ginn, datt do awer gewësse Konditiounen wäeren, notament datt, wann auslännesch Auditeure kommen, se missten awer hei zu Lëtzebuerg e Büro hunn, datt se eigentlech net einfach esou kéinte kommen. Wéi gesot, ech wollt lech nach eng Kéier fir deen dote Sujet sensibiliséieren.

Pour le reste si mir natierlech mat deem Projet de loi d'accord a mir ginn och eis Zoustëmmung.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. An dann huet d'Wuert den Här Franz Fayot.

► **M. Franz Fayot (LSAP).** - Merci, Här President. Léif Kollegeen a Kolleginnen, Här Minister, wa mer haut iwwert den Audit schwätzen, denke mer natierlech allegueren haapt-sächlech emol un d'Big Four. An ech géif gären hei drun erënneren, dass virun net allze laanger Zäit déi Big Four nach hei zu fënnf wäeren. Ufank 2000er Joren, kënnt Der lech erënneren, ass Arthur Andersen am Sog vum Enron-Skandal ënnergaangen. An deemools ass dunn an der Nofolleg dozou the Sarbanes-Oxley Act an Amerika verabschit ginn.

De Sarbanes-Oxley Act, dat war e Gesetz, wat als Eischt méi schaarf Regelen am Beräich vum Audit édictéiert huet. Et huet deemools fir déi éischte Kéier déi Notioun vu Conflit d'intérêts an d'Auditprofessioun mat erabruecht an et huet d'Auditfirmen dozou gezwongen, sech anescht opstellen. An d'Reaktiounen am Europa koumen dunn e puer Joer méi spéit an der Form vun der Direktiv 2006/43, déi de Rapporteur André Bauler a sengem gudden Rapport mentionnéiert huet an déi mer hei am Dezember 2009, also scho mëtten an der Finanzkris, transposéiert hunn an eist Gesetz.

Wat ass dunn 2008/2009 geschitt an der Finanzkris?

Ma et ass erauskomm, dass eng Partie Auditfirmen, wéi scho gesot ginn ass, hir Aarbecht net esou seriö gemaach hunn, wéi se hätte vläicht sollen, an dass eng ganz Partie Firme falsch oder op d'mannst keng ganz prezis Konten hatten an den Audit also defizitär war. An elo, eben elo Mëtt 2016, transposéiere mer deenen, den nächste Schrëtt an der Supervisioun vum Audit.

Dat ass eng Direktiv, déi scho länger Zäit ënnerwee ass, déi scho laang diskutéiert ginn ass, an déi Direktiv huet eben zum Zweck, fir den Audit besser, also nach méi wahrheitsgetreu ze maachen. Bei dësem Gesetz sinn am Wesentlechen déi grouss Entreprises, cotéiert Entreprisë beträff. Dat sinn déi, déi een Entités d'intérêt public nennt. An och hei geet et erëm eng Kéier, e bëssen äänlech wéi ëmmer an deenen Diskussiounen, och schonn deemools beim Sarbanes-Oxley Act, ëm d'Onofhängegkeet vun den Auditeuren.

D'Auditeuren, déi op där enger Säit den Audit maachen, also de Contrôle vun de Konte vun enger Gesellschaft, an op där anerer Säit awer Services annexes ubidden, wéi Conseil an der Steuerberodung zum Beispill oder Conseil am Domaine réglementaire, hunn - an do brauch ee keen Expert ze sinn, fir dat ze verstoen - en natierleche Conflit d'intérêts, well wann een op där enger Säit enger Entreprise Servicé verkeeft an op där anerer Säit soll hir Konte kontrolléieren, da kann dat, dat eent op dat anert, wat d'Impartialitéit ugeet, en negativen Effet hunn.

An d'Fro ass diskutéiert ginn an der Cofibu. An d'Fro kann ee sech och stellen, ob elo mat dëser Direktiv an dësem Gesetz déi Problemer, wat d'Impartialitéit an d'Conflit-d'intérêts ugeet, ganz aus der Welt geschaaft sinn.

Ech fir mäin Deel sinn do skeptesch. Déi Direktiv an dat Gesetz hei si sécher e Schrëtt an déi richteg Richtung, mä et ass awer och kloer, dass et e Kompromëss, eng Kompromëssléisung ass, notament wat de Principe de rotation ugeet, d'Dauer vun deem Principe de rotation, dass dat sécher keen Allheilmittel ass.

Dat gesot, sinn hei e puer gutt Elementer derbäi, op déi ech géif gär ganz kuerz agoen. Dat éischt Element, dat ass eben de Principe de rotation. Dëse Prinzip erlaabt et, dass esou eng Entité d'intérêt public net éiweg vun darselwechter Auditfirma kontrolléiert gëtt. Et gëtt hei e Principe de rotation no 20 Joer, mengen ech, wou no zéng Joer muss en Appel d'offres gemaach ginn, fir deen Auditeur ze remplacieren.

Dat ass laang, ëmmer nach ganz laang. An och do kënne sech Verkrustungen bilden, an ebe weinst där Relatioun, déi sech ganz staark mécht iwwer esou eng Zäit, kann dat en Effet hunn op d'Qualitéit vum Audit. Mä et geet an déi richteg Richtung.

Den zweete Punkt ass dee vun der Limitatioun vun de Services annexes. Auditfirme kënnen elo just nach 70% vun hire Revenuen duerch Services annexes maachen, 70% par rapport zu deem Chiffer, dee se um Audit maachen. Dat ass eng Limitatioun, déi och, bon, déi net alles léist, mä déi awer och an déi richteg Richtung geet.

Da kënnt och nach eng Kreatioun vun deem Committee of European Auditing Oversight Bodies. Och dat ass eng Verbesserung. An da schlussendlech féiere mer och, an dat ass interessant, nach e Whistleblowing an am Beräich vum Audit, wou u sech dann, äänlech wéi et dat elo scho bei der CSSF gëtt an och äänlech wéi bei de Fongen, eben Employéë vun Auditfirmen, wa se dann Infraktiounen zu de Regele constatéieren, kënnen do dat melle beim Régulateur.

Voilà, aus all deene Grënn, well dat hei an déi richteg Richtung geet, si mir och als LSAP fir dësse Projet de loi. Ech ginn heimat den Accord vu menger Fraktioun an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - An ech ginn elo d'Wuert der Madamm Viviane Loschetter.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Merci, Här President. Mir bleift just nach den Accord vun der grénger Fraktioun ze ginn.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. An dann den Här Roy Reding.

► **M. Roy Reding (ADR).** - Jo, Merci, Här President. Och d'ADR wäert dësen Text matstëmmen. Mir félicitéieren dem Rapporteur! A virun allem och dem Franz Fayot seng Explikatiounen ware ganz opschlossräich. Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Ech hu keng weider Wuertmeldungen, ginn dann direkt d'Wuert weider un de Finanzminister.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéierten, ech freeë mech natierlech driwwer, dass mer hei e Konsens hunn, fir déi heiten Direktiv an d'Lëtzeburger Recht ëmzesetzen. Vläch e Wuert iwwert d'Wichtigkeet vum Secteur vun der Révision a vum Audit zu Lëtzebuerg. Dat ass e Chiffre d'affaires zu Lëtzebuerg vun enger Milliard Euro. Dat stellt 2% vun eisem Räichtum duer, 2% vun eisem PIB.

De Franz Fayot huet ganz richtegerweis den Historique gemaach, wéi wichteg deen Domän ass a wéi deen evoluéiert huet, an huet och drop higewisen, wéi wichteg a komplizéiert dee Secteur ass. Ech géif och gären dem Rapporteur André Bauler Merci soe fir säi Rapport, deen och d'Wichtigkeet vun der Direktiv ënnerstrach huet.

Well mir eng grouss international Finanzplaz sinn, ass natierlech de Service, deen d'Reviseure bréngen, vun extrem grousser Wichtigkeet. A well et esou e Stelleväert huet, hu mer och drop gehalen, fir esou séier wéi méiglech dës Direktiv ëmzesetzen. Mir sinn och eent vun deenen éischte Länner an Europa, wat dat mécht.

Zum Projet selwer. D'Direktiv 2014/56, déi verschafft och iwwerschaaft dat Gesetz vun 2009, wat mer haten. Do gesäit een also, dass an deem heiten Domän relativ vill Evolutiounen sinn.

Déi zwee Hauptpunkte vun der Direktiv si schonn ugeschwat ginn. Deen éischten ass d'Obligatioun vun enger Rotatioun bei de Réviseure maximal no zéng Joer. All zéng Joer soll also eng Entreprise hire Réviseur änneren. Et gëtt zwar eng Méiglechkeet, fir et ze verlängeren, mä da muss een et awer frësch par appel d'offres public ausschreiwen. Ech verstinn déi Kritik, déi seet, zéng Joer ass awer och nach eng relativ laang Zäit. Fir déi, déi a verschiddeenen Entreprene tateg sinn, déi wëssen, dass d'Entreprene an der Pratique zu Lëtzebuerg en fait scho virun zéng Joer eng gewësse Rotatioun aféieren.

Deen zweete Punkt ass effektiv d'Separatioun tëschent den Aktivitéiten vum Audit op där enger Säit an der Aktivitéit vun der Berodung vun de Firmen. An do ass et relativ kloer, dass hei eng gewësse Limitéit agesat gëtt vu 70%, wou ee wahrscheinlich eréischt mat der Pratique ka feststellen, ob dat duegeet. Mä mir hunn eis hei ugeleent un dat, wat d'Direktiv virginn huet.

Mir hunn och, wat d'Conflit-d'intérêts ube-laangt, net ganz vill missen zu Lëtzebuerg änneren, well mer d'Regele vun der International Federation of Accountants zu Lëtzebuerg hei ganz staark applizéieren an der Pratique. An dofir waren eis Akteuren dorobber scho virbereet.

Elo zu engem ganz wichtige Punkt, deen och den Deputéierte Mosar évoquéiert huet, dee vum europäesche Pass. Et ass esou, dass duerch déi Direktiv hei e Réviseur d'entreprises, deen an engem anere Land an der EU etabléiert ass, ka Revisiounen hei zu Lëtzebuerg maachen. A mir hunn do virgesinn, dass dat natierlech méiglech ass, well dat de Marché unique och hiergëtt an dat dës Direktiv virgesäit, awer mat enger gewëssener Restriktioun, andeem mer exigéieren, dass den Haaptpartner, deen d'Revisioun mécht, hei zu Lëtzebuerg muss etabléiert sinn.

Dës Konditioun hate mer och schonn am Gesetz vun 2009. An ech mengen, dass dat de richtigen Équilibre ass tëschent de libres Prestations de services vum Bannemaart op där enger Säit an awer och enger nécessaire Ubannung vum Réviseur un eist Land, fir dass och d'CSSF kann hir Kontrollen hei exercéieren.

Zum Schluss nach zwee Punkten, an zwar, dass mer och de Rayon d'action oder d'Kompetenze vun de Réviseure méi breet gemaach hunn. Si kënnen en fait elo alles maachen, mat Ausnam vum Audit. Do maache mer also hire Rayon d'action méi breet.

An dat Zweet, wat ech nach wollt soen, dat ass, dass elo och Reklamatiounen vun Tiersé kënne bei der CSSF ugemellt ginn.

A leschtens wollt ech den Här Mosar rassurieren, dass ech och effektiv d'CSSF wäert drop opmierksam maachen, ech hat dat och wëllen, dass natierlech d'Circulären oder d'Prezisiounen, déi néideg sinn, sollen esou séier wéi méiglech gemaach ginn, an engens wou ee sech awer vlächet och inspiréiert un deem, wat an deenen anere Länner gemaach gëtt.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Mir sinn domat um Enn vun den Diskussiounen iwwert de Projet ukomm a mer kënnen elo iwwert de Projet de loi 6969 ofstëmmen.

D'Ofstëmmung fänkt un - misst eigentlech ufänken.

(Interruptions diverses)

Mir ginn dem Apparat nach eng Chance.

(Brouhaha)

Ech mengen, en huet en Ermüdungsbroch.

(Hilarité)

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - E wäert schoonn am Congé sinn.

3. Ordre du jour

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Jo, ech mengen, mir ginn zum nächste Projet iwwer.

► **Plusieurs voix.** - Aah!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - An da maache mer d'Votten, wann d'Maschinn erwächt ass.

Kréie mer eng Meldung?

(Concertation interne)

De System huet sech e bëssen opgehaangen. Dat ass awer kee weidere Problem. Mir huelen en erof.

Da gi mer op deen nächste Projet iwwer, de Projet 6929, deen en neie Statut fir alternativ Investitiounsfonge schaaft. An d'Wuert huet direkt erëm deeselwechte Rapporteur, den Här André Bauler.

4. 6929 - Projet de loi relative aux fonds d'investissement alternatifs réservés et portant modification de:

1. la loi modifiée du 16 octobre 1934 concernant l'impôt sur la fortune;

2. la loi modifiée du 1^{er} décembre 1936 concernant l'impôt commercial communal;

3. la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;

4. la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier;

5. la loi modifiée du 13 février 2007 relative aux fonds d'investissement spécialisés, et de

6. la loi modifiée du 17 décembre 2010 concernant les organismes de placement collectif

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. André Bauler** (DP), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, all véieren Euro an eise Statsbudget kënn direkt oder indirekt vun der Finanzplaz. Ouni dës Finanzsektor glorifizéieren ze wëllen, muss een awer zouginn, dass mer eis viles hei zu Lëtzebuerg, wéi zum Beispill modern Infrastrukturen oder eise Sozialstat, net an deem Mooss leeschte kéinten, wa mer net, wéi mer et gewinnt sinn, op d'Revenue vun der Finanzplaz zrëckgräife kéinten. Duerfir ass et wichteg, dass mer weider innovativ bleiwen, dass mer d'Palett vun hiren Services a Produkter ëmmer nees erneieren, virun allem fir an der internationaler Konkurrenz Bestand ze hunn.

Ech sinn duerfir dankbar, de Mëtten op dëser Plaz de mëndleche Rapport zu engem Projet de loi maachen ze kënnen, op deem d'Akteure vun der Plaz schonn eng Zäit waarden. Et handelt sech méi genee ëm d'Aféierung vun engem neie Regimm fir sougenannt Fonds d'investissement alternatifs réservés, ofgekierzt FIAR.

Ier ech an den Detail vun der Matière ginn, wollt ech kuerz den Historique vun der legislativer Prozedur maachen. De Gesetzesprojet 6929 gouf de 14. Dezember 2015 vum Här Finanzminister déposéiert. Den 22. Februar huet dunn d'Chambre de Commerce hiren Avis zum Gesetzestext ugeholl, ier de Statsrot säin Avis den 8. Mäerz adoptéiert huet. Och d'Chambre des Notaires huet en Avis verfaasst, nämlech den 31. Mee 2016.

Nodeems d'Cofibu den Avis vum Statsrot an hiren Sëtzung vum 21. Juni analyséiert hat, huet si eng Rei Amendementer technescher Natur ugeholl, fir den dräi formellen Oppositionen entgéintzekommen. Dës goufen dann och de 5. Juli vum Statsrot guttgeheescht, soudass d'Kommissioun de Rapport den 8. Juli unhuele konnt.

Här President, mir hu fir de Moment eng duebel Kontroll vun eise Fongen. Ech erkläre mech. Dat modifizéiert Gesetz vum 12. Juli 2013 iwwert d'Gestionnaire vum alternative Fongen huet d'Direktiv 2011/61 an eist nationaalt Recht ëmgesat an hält fest, dass de Gestionnaire sécherstelle muss, dass säin alternatiiv Fongeschäft éischters déi sougenannt „Règles Produits“ aus dem ugesprachene Gesetz anhält, an zweetens d'Dispositione vum spezifesch Gesetz respektéiert, sief dat elo d'Gesetz vun den OPCen, d'Gesetz vun de FISen oder awer och d'Gesetz vun de SICAVen.

Doduerch hu mer am Moment eng Situatioun, an där d'CSSF engersäits de Gestionnaire vum Fong selwer iwwerwaacht an anerersäits och de Produit, d'Produkt, also de Fong u sech, kontrolléiert. Ob gewollt oder ongewollt, mir sinn zu Lëtzebuerg an dës duebel Kontroll eragewuess, well si ass éischter eng Konsequenz aus der Geschicht.

Éischters, d'Lëtzeburger Finanzplaz huet zanter Joren, besonnesch zanter der Ëmsetzung vun der éischter grousser EU-Fongendirektiv 1988, op d'Entwécklung an den Know-how am grenziwwerschreidende Verdeele vu Fongeprodukter gesat, déi Fongeprodukter, déi also vun enger exzellenter Marque de fabrique a Kontroll profitéieren, well da kënne mer se gutt mam europäesche Pass verkafen.

Zweetens, d'Finanzkris vum 2008 huet awer och nei Probleemer belicht. Wéi kritt een d'Gestionnaire vun zum Beispill Hedgefongen eengermooes kontrolléiert? Wéi soll ee verhënnere, dass si op der Juedg no hirem Bonus net nees de falschen Ureizer nolafen an d'Marchéen destabiliséieren?

Sou kouw et zu engem Ëmdenken um Niveau vun der internationaler Reglementatioun. Et gëtt elo méi Wäert op d'Kontroll vum Gestionnaire geluecht, op d'Substanz vu senger Struktur, seng mënschlech an technesch Mëttel, d'Valeur ajoutée vu senger Aarbecht a wéi wäit hien d'Netz no frësche Sue vun externe Clienten an Investisseuren auswerft.

Et muss een awer elo wëssen, dass dës duebel Kontroll net emol vun der Europäescher Kommissioun gefuerdert ass, eng Kommissioun, déi an der Direktiv vun 2011 an d'Richtung gaange war, fir nëmmen de Gestionnaire selwer, an net méi de Produit u sech ze kontrolléieren. Doriwwer eraus hu mer am Moment scho Länner an der Europäescher Unioun, wou dës duebel Kontroll net méi spillt.

Här President, dës duebel Kontroll kann natierlech am Interess vum Investisseur sinn, dat well eis CSSF souwuel de Gestionnaire wéi och de Fong u sech iwwerwaacht.

Op där anerer Säit ginn et awer och vill Akteuren um Marché, fir déi esou eng duebel

Kontroll net néideg ass, dat well se selwer entscheede kënnen a wëllen, a wéi ee Fong se investéieren. Si wëssen also selwer, wéi en Typ vu Portfolio si wëlle wëllen, an dee si asteige wëllen, sief dat éischter an Aktien, an Obligationen oder an Obligationen an a Währungen, oder och nach an Immobilien oder Rohstoffe oder an e Mix vun allem.

Ech denken hei besonnesch un institutionell Investisseuren, u Pensiounsfongen zum Beispill. Esou Leit wëllen och beispillsweis selwer decidéieren, ob de Fong aktiv oder passiv gemanagt gëtt. Et handelt sech hei also ëm professionell Akteuren, déi och agreéiert sinn an e ganze Pool un Investitiounen managen a wëssen, wat se maachen, Leit, déi déi technesch Detailler vum Geschäft kennen. Dës sinn also keng Privatpersounen selwer.

De Präis vum Entréesticket spillt do och eng Roll. De Mindestasaz, fir an esou e Fong anzuklammen, verlaangt, dass ee sech scho ganz gutt iwwerleeë muss, jo professionell ofschätze muss, fir do matzemaachen. En Nodeel vun den aktuelle Regimier fir dës Akteuren ass besonnesch deem, dass hire Fong fir d'Éischt den Accord vun der CSSF muss hunn, ier en um Marché aktiv ka ginn.

Dës ass e Prozess, deem awer e puer Méint dauere kann, Méint, an deenen d'Investisseure riskéieren, dem Gestionnaire dovonzulafen. Dat heescht awer och, dass d'Gestionnaire nëmme lues op spezifesch Demanden um Marché reagéiere kënnen. Si kënne verschidde Clientellen also nëmme ganz schwéier bedéngen.

Här President, fir dës Situatioun elo opzehiewen, proposéiert de Gesetzestext, dee mer haut de Mëtten diskutéieren, d'Afféiere vum FIAR, vun engem Fong, deem ebe keen Agrément vun der CSSF muss hunn, ier en um Marché aktiv ka ginn. Fir d'Gestionnaire huet dat e ganz kloer Virdeel. Well déi duebel Kontroll vun der CSSF an deem Kontext ewechfällt, gëtt d'Zäit tëschent der Schafung vun esou engem Fong a senger Vermarktung däitlech erofgesat.

Wann d'CSSF geleeëntlech Zäit brauch, fir e Fong ze geneemegen, da kënn dat dohier, dass si sech déi berechtigt Fro stellt, ob de Produit och Bestand kann hunn. Dës Fro gëtt elo net méi vun der CSSF bei de reservéierten alternativen Investmentfonge gestallt. Villes hänkt also vun der Gewëssenhaftgkeet vum Gestionnaire of. An do spillt jo déi verstärkt Kontroll vum Gestionnaire duerch eng CSSF oder en equivalente Régulateur am Ausland.

Wann de Gestionnaire vun engem Lëtzeburger Fong, deem duerchaus ausserhalb vun der EU etabliert ka sinn, esou wéi d'Direktiv AIFMD et virgesäit, verantwortlech, gewëssenhaft handelt, dann ass dat sécherlech kee Problem. Wann ee Fong, seng Ausrichtung a seng Zesummesetzung awer net méi vun der CSSF kontrolléiert a bewäert gëtt an och vun engem Gestionnaire verwalt gëtt, deem net hei zu Lëtzebuerg etabliert ass, mä deem am Ausland kontrolléiert gëtt, da fällt aneren Akteuren hei am Land eng besonnesch Verantwortung zou. Sinn dat Notairen, d'Affeketen, déi Fonge schafen, d'Auditeuren, déi se reviséieren, mä awer virun allem d'Dépositairen, déi meeschtens e Finanzinstitut sinn an déi zu Lëtzebuerg ugesidelt mussen sinn, entweder iwwer hire Sëtz oder eng Succursale. Et si si, déi am Fall vun engem FIAR eng net onbedeitend Responsabilitéit droen.

Wann ee gesäit, dass eis Banken hei am Land awer éischer preventiv ausgerichtet sinn, also Fongen, déi immens aggressiv um Marché virgoe wëllen, éischer ofleenen, da sinn d'Risiken an deem Beräich éischer geréng, well finalement sëtzt d'Bank jo selwer mat am Boot. Si huet also keen Interessi drun, e Produit unzuhuelen, dee si selwer an d'Labrante kéint bréngen.

Et muss eis hei zu Lëtzebuerg geléngen, dass eis Finanzplaz haut an an Zukunft transparent a propper ass. Skandalen, wéi zum Beispill d'Affär Madoff, kënne mer eis keng leeschten. Lëtzebuerg ass e bedeitenden Akteur am Fongeschäft, dat ass gewosst, zomol am Beräich vun den institutionellen Investisseuren. Et geet also dréms, souwuel eisen exzellenten Numm, dee mer an deem Domän opgebaut a verdéngt hunn, ze verteidigen, eise Maartundeel auszubauen, wéi awer och derfir ze suergen, dass mer de Schutz vun eisen Investisseuren net a Fro stellen.

Et ass eng grouss Erausforderung, wa mer d'FIAR aféieren. Mir solle bei deem Produkt Vertraue kënnen opbauen. All seriöse Dépositaire wäert de FIAR genee kucken, ier en e fräigëtt. An et wäert virun allem op de Gestionnaire gekuckt ginn, dee jo vun der Bank akzeptéiert muss ginn an dee fir Qualitéit a verantwortlecht Handele stoe muss.

Et ass e bësse wéi an engem gudden Restaurant, wann dësen dank sengem exzellente Kach

zwei Stäre kritt huet. Da weess een, dass dësen net mat schlechte Wuere schafft an dass op der Menüskaart nëmmen héichqualitativ, héichwäerteg Produkter ugebuede sinn. Do gëtt eng geleeëntlech Kontroll geféiert, mä eng geleeëntlech Kontroll geet duer an et brauch ee sécherlech net all eenzelt lessen oder all eenzelne Menü ënnert d'Lupp ze huelen. D'Reputatioun vum Kach steet fir e gudden Produit, an et brauch een dann net méi Kontrolle wéi erfuerdert. Dat schléisst awer net aus, dass ee reputéierte gastronomesche Guide vun Zäit zu Zäit passéiert, fir ze préiwen, ob de Kach oder de Restaurant mat sengem exzellente Kach säi Stäre oder seng Stäre behalen däerf.

Bei de FIAR ass et äänlech. All Joer muss de Bilan vum Fong bei der CSSF déposéiert ginn an och de Prospekt mat all de wichtegen Informatiounen muss vu virera bekannt sinn. A wéi beim FIAR geet een normale Mënsch och net all Dag mëtten säi Sandwich oder säi Menu du jour an en Zweetärerestaurant iessen. Mä wann een e Gourmet ass an engem dat eppes wäert ass, da geet ee vun Zäit zu Zäit dohinne.

Här President, ech wëll also drop hiweisen, dass mer bei de FIAR net nëmme vu Gestionnaire schwätzen, mä och vun Investisseuren, déi sech mat Fongen auskennen. Ech hu vu professionellen Investisseuren geschwat, also vu Leit, wéi am Fachjargon gesot gëtt, déi aviséiert sinn. Zousätzlech mussen dës Investisseuren awer och e Minimum vun 125.000 Euro op den Dësch leeën, fir an de Genoss vun de Virdeeler vun engem FIAR kommen ze kënnen.

Fir de Rescht ass d'Form vum FIAR ganz äänlech zu där vum FIS - Fonds d'investissement spécialisé -, dat, wat zum Beispill d'Zesummesetzung vum Fong ugeet. Sou muss e FIAR och op d'mannst iwwer e Kapital vun 1.250.000 Euro verfügen, e Kapital, dat innerhalb vun zwielef Méint erreecht muss sinn, vun deem Moment un, wou de Fong incorporéiert ass.

Nach e Wuert zur Besteuerung. E FIAR kann hei tëschent zwou Optiounen wëlen, entweder de Regimm, deem och fir d'Fonds d'investissement spécialisés virgesinn ass, also eng Taxe d'abonnement vun 0,01% vun all den Aktiva ze bezuelen, oder sech fir de Regimm vun de SICARen ze entscheiden. Dës kann awer nëmmen de Fall sinn, wann de FIAR och ganz kloer a Risikokapital investéiert.

Här President, bis elo haten d'Investisseuren nëmmen de Choix tëschent verschidde reglementéierte Produiten, ob FIS, SICAR oder OPC. Duerch dës Gesetzestext kréien déi aviséiert, éligibel an institutionell Investisseuren och d'Méiglechkeet, an en Instrument ze investéieren, dat net vun der CSSF agreéiert a kontrolléiert ass. D'FIAR ergänzen an deem Sënn d'Palett vun de Produkter op der Finanzplaz. D'FIAR sollen hiert dozou bäidroen, fir eis Finanzplaz weider gutt international positionéieren ze kënnen.

Et ass zu deemem Moment net einfach ofzeschätzen, wéi grouss den Undrang op d'FIAR wäert sinn. Mä wann een awer gesäit, dass vill Dépositaire mat deemem Produit an de Startlächer stinn, da mengen ech schonn, dass d'FIAR hire Wee maache wäerten.

Erlaabt mer, Här President, dass ech e Merci ausdrécken, virun allem un den Här Finanzminister, seng Beamten an d'Kollegen aus der Kommissioun, déi mech mat ganz vill Kompetenz a Fachwësse begleet hunn. Fir mech ass dat och heiansdo - ech ginn dat éierlech an ofen zou - eng Formation continue en la matière.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. André Bauler** (DP), *rapporteur*.- Et ass awer immens wichteg, dass mer dës Projet nach virun der Summerpauz stëmmen.

Ech bedanke mech, Här President, léif Kollegen, fir Är grouss Opmierksamkeet an deemem dach techneschen, ma duerfir awer net manner wichtegen a spannenden Beräich a ginn natierlech och den Accord vu menger Fraktioun, der Demokratescher Partei.

Merci!

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och. An éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Laurent Mosar.

Discussion générale

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Merci och hei deem exzellente Rapporteur, dee seng Interventioun ugefaangen huet, andeem en op d'Wichtigkeet vun der Finanzplaz higewisen huet. Ech kann déi Ausso nëmmen ënnerstëtzen, well et huet een heiansdo d'Gefill, dass dobauss ganz vill Leit sech net méi der Wichtigkeet vun där Bankeplaz bewosst sinn. Duerfir fannen ech et gutt, dass dat een dat och emol heiansdo hei an deem Haus erëm eng kéier widderhëlt.

De Rapporteur huet hei eng ganz flott Presentatioun gemaach, andeem e gastronomesche Elementer mat erabruucht huet. Ech muss en plus soen, wann een deem Numm FIAR esou héiert, kéint ee bal mengen, et wier e gudden Restaurant, Här Rapporteur. Mä wéi gesot, och nach eng kéier Merci fir Är Beschreibung, déi Der gemaach hutt, wat mir meng Aufgab dann och erlichtert, andeem ech net méi brauch an den Detail vum Projet anzegoen.

Ech wollt awer och nach eng kéier soen hei an ënnersträichen, dass jo u sech dee FIAR eigentlech op eng Demande vum Secteur zrëckgeet, e Secteur, dee ganz interesséiert ass un alternativen Investmentfongen. An ech mengen, et ass duerfir och wichteg, besonnesch och an deemem Moment, dass mer erëm nei Produiten hei och an der Chamber approuvéieren, déi d'Kompetitivitéit vun eiser Bankeplaz wesentlech nach wäerte verbesseren.

Ech wollt vläicht nach eng kéier ganz kuerz op d'Virdeeler vun deemem Fong agoen an haapt-sächlech och nach eng kéier erklären, wat eigentlech den Ënnerschied ass a wat d'Virdeeler par rapport zu deenen traditionelle Fonge sinn, obschonn de Rapporteur dat elo schonn eng kéier gemaach huet.

Ech mengen, wat jo hei ganz wichteg ass, dass ass, dass een déi Fonds alternatifs, déi mer souwisoen kennen, u sech iwwer zwee Weeër kann en place setzen. Deen ee Wee, dass ass iwwert déi traditionell Instrumenter, dat ass FIS, OPC, SICAR. An neierdengs geet dat dann och elo iwwert de Wee vun de Fonds alternatifs réservés, deene sougenanntene FIARen.

Wat sinn elo d'Differenze par rapport zu deenen traditionelle Fongen?

Fir d'Alleréisch, an ech mengen, dass ass hei ënnerstrach ginn, et gëtt hei keng Agrémentsprozedur méi. Dat heescht, et brauch een net méi bei d'CSSF ze goen, fir de Fong autoriséiert ze kréien. Dat heescht natierlech fir den Investisseur, et geet méi schnell, et kascht manner, et si vill manner Fraisen, soudatt ech scho mengen, dass dat fir eng Rei vun Investisseur-aviséien e grouse Virdeel ass.

Zweetens ginn et och keng weider Limiten um Niveau vun dem Investissement an och wat d'Diversifizierung betrëfft vun deene Portefeuillén vun deene Fonds alternatifs réservés; déi ënnerleien net deeneselwechte Bedéngunge wéi déi reglementéiert Fongen. Dat heescht, si hunn do u sech ganz vill Marge de manœuvre.

Wat awer wichteg ass, ech mengen, de Rapporteur huet dat gesot, dass ass, dass awer dräi Bedéngungen nach wie vor müssen erfüllt sinn. Fir d'Alleréisch muss et e Gestionnaire sinn, deem agreéiert ass, dass heescht, deem agreéiert ass vun der CSSF, wou also eng Kontroll fir déi Fongen trotzdeem besteet.

Zweet Konditioun, et muss eng Banque dépositaire sinn, an drëtens muss et och e Réviseur indépendant agréé sinn, soudatt ech scho mengen, dass et hei fir d'Investisseuren awer eng Rei vu Garantien a vu Kontrolle gëtt, soudatt ech mengen, dass d'Risiken trotzdeem do limitéiert sinn.

Ech wollt awer, Här Minister, profitéieren de Mëtten, fir op eng Aktualitéitsfro anzegoen, déi och mat dësen Fongen ze dinn huet, iwwerregens och mat deenen aneren, an do haapt-sächlech op ee Punkt hiweisen, deem an den nächste Wochen a Méint seng Wichtigkeet ka kréien. Dat ass, dass déi Gestionnaire vun alle Fongen, net nëmme vun dësen Fongen, jo kënnen hei zu Lëtzebuerg, awer nëmme mussen an der EU domiciliéiert sinn. Firwat soen ech dat? Ma do komme mer vläicht an eng méi kriddelech Situatioun mat eisen englesche Partner.

Firwat? Et muss ee wëssen, dass am gesamte Fongeschäft déi englesch Partie, dat heescht vun engleschen Investisseuren, 16% ausmécht am gesamte Fongeschäft. Ech mengen, dass ass eng Ziel, déi de Finanzminister och schonn hei gesot huet oder confirméiert huet. Dat ass also net onwesentlech! An déi Fongen do, déi ginn zu engem groussen Deel gëréiert vu Gestionnairen, déi net hei zu Lëtzebuerg sinn, mä déi an der City of London sëtzen. An do muss ee sech also elo d'Fro stellen: Wéi geet dat dote virun?

Et ass sécherlech keng Fro, déi een haut scho ka beantwerten, mä déi ass trotzdeem net ouni Wichtigkeet fir d'Finanzplaz Lëtzebuerg, well ech mengen, mir sinn eis allegueren eens, dass mer alles mussen ënnerhuelen, fir dass déi Fongen, déi 16%, och weider hei zu Lëtzebuerg bleiwen. An duerfir muss een dann och kucken, wat fir eng Léisungen een do ka fannen.



En résumé op dësem Projet, ass dat hei en exzellente Projet, dee mir begrëssen, deen, wéi gesot, d'Palett vum Fongegeschäft nach eng Kéier verbreedert, eng gutt Noriicht u sech fir d'Finanzplaz. Dat Eenzegt - an ech wëll dann och vläicht vun der Geleeënheet profitéieren, datt mer haut de Mëtten iwwert dëse Projet hei diskutéieren: Mir géifen eis wënschen, Här Finanzminister, datt méi esou Projekte géife kommen. An ech muss do awer kuerz op dräi Punkten agoen, déi eis e bësselche Suerge maachen.

Deen éischte Punkt, dat ass dee vun den Direktiven. Ech mengen, haut ass hei um Chambersbüro de Relevé vun den Direktiven ukomm. An do sinn eng Rei Direktiven aus dem Finanzsektor, déi leider nach ëmmer net transposéiert sinn. Do sinn der haaptsächlech zwou, déi awer extrèmement wichteg sinn, dat ass d'Direktiv iwwert d'Markets in Financial Instruments, an dann och ganz besonnesch déi zweet iwwer och eng Rei vun Agreements for consumers. An där Direktiv geet notament och rieds iwwert d'Crédit-hypothécairen, wou mäi Kolleg Léon Gloden virun enger Rei vun Deeg och eng Question parlementaire un lech gestallt huet.

Dëst sinn extrem wichteg - extrem wichteg! - Direktiven, wou et fir d'Éischt natierlech ëm d'Reputatioun vun eiser Finanzplaz geet, wou et wichteg ass, datt mer déi méiglechst schnell transposéieren. Mä et sinn och Instrumenter, op déi d'Finanzplaz scho säit Laangem waart.

An ech géif do wierklech e waarmen Appell maachen, Här Finanzminister, datt mer wierklech déi Direktiven an deene beschtmögliche Délaien transposéieren, well Dir wësst, d'Délaie sinn iwwerall hei schonn iwwerschratt. Et sinn och nach eng Rei aner Direktiven; ech zielen lech déi net alleguerten op. Do sinn der notament vun 2014 a '15, déi aus dem Finanzsektor nach net transposéiert sinn. Dat ass net gutt.

Ech mengen, mir sinn eis alleguerten eens, datt dat eng komplex Matière ass, datt dat net ëmmer esou evident ass. Mä ech géif wierklech awer nach eng Kéier hei en Appell och un lech, un d'Regierung riichten - mir wëllen ëmmer parmi les „first movers“ sinn -, datt mer dat och hei maachen. Ech mengen, et ass am Intérêt vun der Bankeplaz an et ass och am Intérêt vun der Reputatioun vun eiser Finanzplaz.

En zweete Punkt, op deen ech awer och nach eng Kéier wollt agoen, well e mech awer e bësselche stéiert, dat ass deen iwwert d'Fondation patrimoniale. Dat ass e Projet de loi, deen ass 2013 ënnert dem viregte Finanzminister Luc Frieden déposiert ginn. Mir hunn 2014 an enger ganzer Rei vu Sitzungen iwwert dee Projet geschwat. Et ass souguer esou wäit gaangen, datt d'Madamm Elvinger en exzellente Rapport presentéiert huet, deen och ugeholl ginn ass.

An dunn en dernière minute ass do e Problem opgedaucht, dee par ailleurs de Kolleg Gilles Roth an ech an enger vun de Sitzunge schonn opgeworf haten, nämlech deen iwwert de Regéister vun de Benefissären. Et ass eis do gesot ginn, do géif eng Léisung kommen, do géif en Amendement kommen.

Or, Här Minister, dat war am Mäerz 2014! Elo si mer Juli 2016, an ech wär wierklech awer frou, wann d'Regierung sech fir dat eent oder fir dat anert géif decidéieren. Entweder solle mer elo dee Projet maachen, an dann hoffen ech, datt deen Amendement kënnt, oder wann d'Regierung der Meinung ass, datt deen net méi gutt ass, da solle mer en eben definitiv an den Tirang leeën an den Tirang zou- an net méi opmaachen.

Ech soen lech, an Dir wësst dat, wat Gëft fir d'Finanzplaz ass, dat ass d'Imprévisibilitéit, wann een net weess, wat kënnt. An hei sinn iwwer Jore verschidde Finanzministeren, dee vun der viregter Regierung, déi elo och Wirtschaftsminister sinn, déi sinn ëmmer erëm déi Fondation patrimoniale an d'Ausland verkafe gaangen. Do si Broschüre scho gedréckt ginn. D'Clients hate schonn d'Statute prett, an op eemol ass näischt méi geschitt. „Still ruht der See.“

Ech mengen, dat ass net gutt fir den Image vun eiser Finanz- a Bankeplaz, an ech géif lech wierklech do invitéieren, Här Finanzminister, datt mer do Neel mat Käpp maachen. Entweder mir sollen elo dee Projet bréngen oder mir sollen eben decidéieren, datt en definitiv am Tirang bleift.

Drëttens, an och do wollt ech lech awer nach eng Kéier un Äre Regierungsprogramm erënnere. Dir hutt do eng ganz Rei vu Propose gemaach, wat d'Diversifikatioun vun den Aktivi-

téiten am Finanzsektor hei zu Lëtzebuerg betrëfft, an dat sinn eigentlech exzellent Propositionen, Här Finanzminister. Dat Eenzegt, wat mir regrettéieren, ass, datt nach net schrecklech vill do geschitt ass. An ech wollt se awer wierklech och nach eng Kéier hei an Erënnung ruffen.

Do ass fir d'Éischt déi eigentlech ganz gutt Proposition vun engem Cash-Pooling, dee mer alleguerte wëllen. Dat ass e legalen an e fiskale Regimm vun engem Centre de coordination an de trésorerie vun engem Grupp. Dat géif eis och déi ganz Diskussioun iwwer Headquartere wesentlech vereinfachen. Dir hutt dat an Ärem Regierungsprogramm. Mir wäer frou, wann do endlech och géifen Neel mat Käpp gemaach ginn.

Dir hat och virgeschloen, datt soll en neit Gesetz iwwert de Contrat fiduciaire kommen. Dir wollt och de Régime juridique vum Crédit hypothécaire modifiéieren. Alles dat sinn Iddien, déi eis honnertprozenteg Ennerstëtzung fannen. Dir hutt och proposéiert gehat, och iwwregens eng exzellent Iddi, wat déi ganz nei Ekonomien, Start-uppe betrëfft, fir do Mesuren ze maachen, wat den Accès op de Risikokapital betrëfft; och eng Fuerderung, déi schonn oft a laang gestallt ginn ass.

Wéi gesot, mir fannen nach, Här Finanzminister, dat ass alles exzellent. Mir stinn do derhannert. Mir wäer just frou, wann déi Mesuren net alleguerten nëmme géifen annonciéiert ginn, mä wa se och endlech géifen an d'Praxis ëmgesat ginn.

Äre Kolleg Premier huet virun enger Rei vun Deeg gesot, déi zweet Halschent vun dëser Legislatur wär ugepaff. Ech wär frou, Dir hutt nach plus ou moins zwee Joer, wa mer awer och an dësem Sektore e bësselche géife virukommen. Well ech mengen, et wär net gutt, wann herno d'Legislaturperiod eriwuer wär an et wär nach kee Schoss op de Gol gaangen.

Dat gesot, soen ech lech Merci an ech ginn lech den Accord vun eiser Fraktioun. Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - An nächste Riedner ass den Här Franz Fayot.

► **M. Franz Fayot (LSAP).** - Jo, Merci, Här Präsident. Et ass scho vill gesot gi vum André Bauler a sengem gudde Rapport an och vum Laurent Mosar iwwert dëse Projet de loi, soudass ech mech ka kuerzfaassen.

Et ass richtig, dass dëse Projet de loi mat ganz groussen Hoffnungen verbonden ass fir d'Lëtzeburger Fongenindustrie. Et ass d'Hoffnung, dass deen heite Kader, äänlech wéi de UCITS-Kader, deen Enn den 80er Joren agefouert ginn ass, fir d'Lëtzeburger Fongenindustrie en neie Standard gëtt, och en internationale Standard fir d'Distributioun vun alternative Fongeproduiten duerch Lëtzebuerg.

Et sinn e puer Attraiten bei dësem Projet de loi, déi och schonn erwänt gi sinn. Den Hauptvantage ass de kuerze sougenannten „time to market“, dat heescht, dass ee relativ schnell mat engem neie Fong um Marché ass, well een eben déi duebel Reguléierung do net méi huet vum Manager engersäits a vum Fongeproduit op där anerer Säit. Et gëtt elo just nach gekuckt, dass de Promoteur seriö gepréift gëtt a seriö reguléiert ass.

An ech mengen, dat wär och eng gutt Saach. Domadder géif een och déi Schwierigkeiten évitéieren, déi mer mat anere Produiten haten. Ech denken do haaptsächlech un d'SICAR, wou jo eng Partie, wat deen éischte Véhicule war am Beräich vum Capital risque, wou der eng Rei an d'Schiffslag gerode sinn, well eben dee Produit wahrscheinlech net gutt genuch reglementéiert war, och wat déi Leit ugeet, déi déi SICARen do opgesat hunn. Dat gëtt elo heimmadder hoffentlech anescht.

Ech géif gär vun der Okkasioun profitéieren awer, fir ze soen, dass och an dësem Projet de loi, dee jo kopéiert ass op déi aner Fongen, Legislationen, ëmmer nach e Schwaachpunkt ass, wat de Regimm ugeet vun de Liquidatiounen a vun den Insolabilitéiten. Dat ass en ale Regimm, deen aus den 80er Jore kënnt.

Ech mengen, Dir wësst dat och, do si Reflexiounen amgaangen, och, mengen ech, an Ärem Ministère, fir do eng Reform ze maache vun deem Régime de liquidation, fir dee méi modern ze maachen an och méi effikass. Well dat ass eppes, wat net immens gutt fonctionnéiert.

Deen anere groussen Avantage vun dësem Gesetz ass, dass et e Compartimentage erméiglecht. Dat ass eng Technik, déi et scho gëtt bei de Fongen an déi et engem Fong erméiglecht, fir verschidde Produiten an deemselwechte Fong opzuleeën, déi awer all Kéiers dann total segregéiert sinn, souwuel wat d'Riske wéi och d'Revenue vun deene verschiddene Classes d'avoir ugeet.

Och dat ass en attraktive Charakterzuch vun dësem Projet de loi. An ech mengen effektiv, dass deen och an déi richtig Richtung geet, soudass een effektiv kann hoffen, dass mer haut hei e Produit schafen, dee Lëtzebuerg, der Lëtzeburger Fongenindustrie, wat jo awer ee vun de Fleuronen ass vun eiser Finanzplaz, et erlaabt, sech weider gutt opzestellen an och international dee Produit hei gutt ze diffuséieren.

Aus all deene Grënn si mir als LSAP dësem Projet natierlech favorabel a mir wäerten deen och matstëmmen. Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - An d'Wuert huet elo d'Madamm Viviane Loschetter.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Merci, Här Präsident. déi gréng wäerten dee Projet och matstëmmen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Dann ass den Här Reding prett. Dir hutt de Mikro.

► **M. Roy Reding (ADR).** - Merci, Här Präsident. Deen heiten Text ass wahrscheinlech dee wichtigsten, dee mer haut de Mëtte stëmmen. Et ass e ganz gudden a laang erwaartene Projet fir eis Finanzplaz: e Fong, dee sech reng u Professioneller riicht a keen CSSF-Agreement brauch. Dat ass ëmsou méi wichteg, wou - wéi mer des Lescht héieren hunn op der Réception vun der ABL vu verschiddene Professioneller - d'Délaie bei der CSSF ufänken, excessiv laang ze ginn. Mir riskéieren do een Atout ze verléieren vun eiser Plaz, wou mer ëmmer soen: kuerz Weeër, grouss Rapiditéit, grouss Reaktivitéit. Et fänkt ganz einfach un, net méi tenabel ze sinn, datt ee fir en Agrément vun engem Fong, dee ganz normal ass, bis zu sechs Méint brauch. Dat kann net sinn!

Hei hu mer also elo e Fong, dee sech u reng Professioneller riicht an deen ouni Agrément auskënnt. An dat ass gutt esou. Et ass och keng Gefor - dat war ee vun de Punkten, déi mer an eiser Fraktioun diskutéiert hunn - fir de Konsument, well en ass jo nëmme, dës Fonge si jo nëmme gericht an Institutionen, u professionell Investisseure respektiv u Leit, déi 125.000 Euro oder méi an esou ee Fong investéieren, also Leit, déi wëssen, wat se maachen.

En plus muss ee soen, et ass jo net, wéi wa keng Kontroll do wier. Et ass jo net duerch d'Absence vum Agrément CSSF, datt net awer muss e Rapport-réviseur gemaach ginn all Joer. An, wéi de Rapporteur och ganz richtig gesot huet, et muss eng Banque dépositaire do sinn. An och déi kuckt sech scho ganz genau un, mat wem se do ze dinn huet a wat se do cautionnéiert.

Et gëtt ee Bémol. De Rapporteur huet et fäerdegbruecht op DP-Manéier, a sengem Rapport en Avis ze ernimmen, nämlech dee vun der Chambre des Notaires, ouni awer d'Konklusioun vun deem Avis ze soen!

D'Chambre des Notaires huet sech opgereegt, datt dës Fonge kënnen ënner Form Sous-seing privé, dat heescht privatschrëftlech gemaach ginn, net duerch Acte authentique, an d'Chambre des Notaires seet do - zu Recht, mengen ech: «(...) le rôle du notaire n'est pas simplement d'apposer un tampon. La fonction de notaire exige le conseil aux clients, ainsi que le contrôle de l'identité des parties, de la conformité des dispositions de l'acte à la législation en vigueur, de la capacité du signataire et du respect de la législation en matière de lutte contre le blanchiment des capitaux et le financement du terrorisme.» Dat ass ganz wichteg!

Gësch hu mer schonn en Text gestëmmt, dee vun der Sàrl simplifié, dee sous seing privé ka gemaach ginn. A gësch konnt een à la rigueur nach soen: Do ergëtt et iergendwéi nach e Sënn, well dat si Leit, déi fänken un, dat ass eng Start-up, dat si jonk Leit, déi hunn net vill Kapital, a mir huelen deenen d'Käschte vun engem Notairesakt ewech. Mä hei si mer an engem Beräich, ech mengen, mir schwätze bei engem FIAR vun engem Mindestkapital vun 1.250.000 Euro, wou déi puer Frang vum Notairesakt ganz bestëmmt net kënnen dat Determinant sinn.

An ech maache wierklech hei en Appell, fir opzehalen, fir déi Sous-seing-privés-Saachen en Matière de droit des sociétés ze multiplizéieren! Et ass net gutt, grad och wéinst der Reputatioun vun der Plaz a wéinst dem Contrôle blanchiment.

Dat gesot, bréngen ech hei den Accord vu menger Fraktioun fir dësen Text. Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - An den nächste Riedner ass den Här David Wagner.

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Merci, Här Präsident. Mir haten nach d'lescht Woch eng

Diskussioun am Kader vun der Finanzplaz a vum Brexit, wou den Här Finanzminister gemengt huet, Lëtzebuerg wier um Wee fir méi Transparenz. Ech mengen, wa mer dëse Gesetzesprojet matstëmmen, wat mir als Lénk natierlech net wäerte maachen,...

► **Plusieurs voix.** - Ooh!

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - ...gi mer net onbedéngt...

Dat erstaunt lech elo. Wat aner Leit op dëser Säit och am Prinzip misste maachen. Mä bon, dat ass en anere Problem. Doriwwer diskutéiere mer eng aner Kéier.

(**Interruption**)

Ma firwat? Firwat? Well dee FIAR, dee wäert jo...

► **Une voix.** - Mir hu jo en Accord!

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Oh, et war jo awer och eng ganz kontroverséiert Geschicht! Souguer Leit, déi am Prinzip relativ no un der Finanzplaz sinn, hunn awer gemengt, datt et vläicht e bëssen ze vill wäit geet. Also esou einfach ass déi Geschicht jo net iwwert d'Bün gaangen, wat jo och ganz verständlech ass.

Mä et ass eben, an et ass schonn emol e puermol gesot ginn, dee FIAR-Vehikel, deen déi gréisstméiglech Flexibilitéit erlaabt, wann et ëm Stukturéierung geet, wou een och schlussendlech, an dorëms geet et jo, am mannste Kontroll huet an am mannste Contrainten huet. Dat heescht, et kann ee sech och am Fong geholl seng Steuerbehandlung auswielen, esou wéi et engem am beschte passt. Et kann een, dat gouf och scho gesot, déi sougenannte Souscompartimentéierung maachen, „Umbrella-Strukturen“. An och wann eng minimal Risikostreuung virgesinn ass, sou huet ee mam FIAR keng Restriktionen, a wat een investéiert a mat wat fir enger Strategie.

Déi Flexibilitéit, déi gëtt als grouss Errungenschaft verkaaft. Si bréngt awer virun allem eppes mat sech, nämlech awer trotzdem Intransparenz. Doduerch ginn déi nei FIAR zu engem formidablen Instrument och fir d'Steilvermeidung. An dat och virun allem fir US-Investisseuren, well déi nei FIAR opgrond vun hirer Strukturéierung a vun hirer Flexibilitéit sech perfekt dozou eegnen, och amerikanesch Steiernischen auszenotzen.

Wat och scho gesot ginn ass: D'CSSF huet bis elo souwuel d'Manager vun de Fongen am Kader vun der Direktiv GFIA kontrolléiert wéi och d'Fonge selwer. Déi nei FIAR, déi mat dësem Gesetz geschafe ginn, sollen elo net méi direkt kontrolléiert ginn, mä nach just d'Manager, also d'Käch.

Déi Manager, déi sëtzen awer net ëmmer hei zu Lëtzebuerg. De Kach, dee sëtzt am Prinzip ëmmer an der Kichen, wann dee kontrolléiert gëtt. Mä mir kënnen dovunner ausgoen, datt grad och bei deenen alternative Fongen d'Manager justement am Ausland sëtzen. An deem Fall huet Lëtzebuerg also iwwerhaupt u sech ganz weëneg Kontroll méi, well wann d'CSSF weder vis-à-vis vum Investmentfong nach vis-à-vis vum Manager kompetent ass, da kann ee sech awer eng Partie Froe stellen.

Den Här Reding ass och nach drop agaangen, wat d'Actes notariés ugeet, wat jo och awer scho problematesch ass. A mir hunn da Fongen hei ugemellt, a wann déi FIAR vun privilegiéierten Outil ginn, hu mer dann iergendeng Kéier och wahrscheinlech - well ech mengen, dat ass och de Sënn vun der Saach - majoritär esou Fongen hei ugemellt, déi u sech guer kenger nationaler Supervisioun méi ënnerleien.

Natierlech därefen, et gouf och gesot, nëmme Manager déi FIAR géréieren, déi en EU-Pass hunn. An dat betrëfft dann an éischter Linn Leit, déi an aneren EU-Länner sëtzen, mä an noer Zukunft och an aneren Drëttstaaten, deemno wéi. Mir müssen dann hoffen, datt an deem Land - well d'EU, dat ass Malta, d'EU, dat ass och Bulgarien -, datt tatsächlech esou gutt kontrolléiert gëtt, datt déi Leit och esou avisiéiert sinn, wéi ee sech dat kéint erwaarden. Ech weess dat awer net onbedéngt!

Oder mir müssen och drop hoffen, datt d'Depositären hei zu Lëtzebuerg just mat Vertrauensleit zesummeschaffen. Ech weess natierlech, all déi Leit an deene Geschäfte sinn am Prinzip a waren an der Vergaangenheet, deene konnt een ëmmer honnertprozenteg vertrauen. Mir haten och ni Krisen, mir haten och ni Finanzkrisen. Dat ass eppes, wat der Mënschheet nach net geschitt ass. An héchstwahrscheinlech wäerte mer dann och ni méi eng kréien.

Mir sinn der Meinung, datt et falsch ass, Lëtzebuerg komplett ofhängeg vun der Fongenindustrie ze maachen, well dat ass a Realitéit dat, wat amgaangen ass ze geschéien.

Iwwert de Wuelstand vum Land misst een eng Kéier och diskutéieren. Dat ass eng interessant



Diskussioun. Ech mengen, et ginn aner Facteuren, déi wierklech dozou bäidroen. A wann ech heiansdo kucken, wat d'Finanzplaz, d'Lobbyisten alles fir Fuerderunge stellen, wat eise Sozialstat ugeet, well dee wëlle se am Fong geholl éischter demontéieren, wéi soss eppes aneschters, méi nach wéi dat Kleng- a Mëttelpatronat hei zu Lëtzebuerg - si si vill méi rabiat an deene Froen -, da weess ech net, ob dat wierklech ganz sympathesch Matbewunner hei sinn.

No der Finanzkris vun 2008, déi ganz Europa destabiliséiert huet a Milliounen Leit an d'Aarmut gedriwwen huet, hunn d'Politiker dann och ganz grouss Riede gehalen iwwert d'Nécessitéit, d'Finanzwelt vill méi streng ze reguléieren. Et si Leit, déi hunn hinnen dat ofkaaft. Ech mengen, et ware ganz flott Karikaturen deemools. Ech ka mech un eng Karikatur erënnere, wou een de Sarkozy gesäit, dee wollt de Kapitalismus moraliséieren, an dann huet en dat zwee groussen Haien erkläert, déi sech vreckt gelaacht hunn. Mä ech mengen, dat huet déi ganz Saach gutt erëmgespigelt.

A mir gesinn, datt déi Sonndesrieden, déi si passé, an elo geet et erëm an déi ëmgedreite Richtung, well mat deene FIAR hu mer erëm eng Reguléierung, déi erëm elo zréckgefuert gëtt.

An et ass schlussendlech jo och nach eng Reaktioun op eppes, wat jo scho geschitt. Mir sinn a Konkurrenz natierlech mat Irland, well do ginn et och schonn äänlech Vehikelen. An ech weess och net, ob Irland wierklech esou e Vorbild sollt sinn, zemools net, wann ee gesäit, wat fir en Effekt d'Finanzplaz an Irland och op déi sozial Situatioun an deem Land hat.

An da wéilt ech nach eng lescht Saach soen. Den Här Bauler, fir deen ech u sech all, immens vill Sympathie hunn, huet e ganz gudde Bericht gemaach,...

► **Plusieurs voix.** - Ooh!

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*). - ...an dat ass éierlech gemengt, dat weess en. An en huet en exzellenten Historique gemaach och vum Projet de loi. En huet just en Detail vergiess, an ech wollt dorun awer nach erënnere.

► **Plusieurs voix.** - Aah!

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*). - Well selbstverständlech gouf de Projet de loi och déposiert am Conseil de Gouvernement, wéi sech dat gehéiert. Et gouf awer och nach eppes, et gouf esou eppes - ech weess net, wéi een dat nennt. Ech weess net, ob dat an der Gesetzgebung virgesinn ass, esou eng Aart „Prädépôt“, deen ee konnt gesinn. Ech mengen, et war an enger Newsletter vun enger Étude, vun Hoss Prussen mengen ech. Do gouf et nach „prédéposéiert“, ier et iwwerhaupt am Conseil de Gouvernement déposiert gouf! Dat ass eng Nouveautéit.

Dat geschitt anscheinend relativ oft, och soubal et ëm Projets de loi geet, wat d'Finanzplaz betrëfft. Wahrscheinlech hu mer Beamten am Finanzministère, déi, ech weess net, déi Projets de loi net onbedéngt kënne schreiwen. Ech mengen net, well ech erliewe se awer ëmmer als äusserst kompetent, muss ech soen. Mä et geet vläicht méi schnell, wann déi direkt Interesséiert déi Projet-de-loie selwer schreiwen a se duerno der Regierung iwwerginn, fir datt si et am Conseil de Gouvernement kann déposieren.

Ech mengen, dat ass äusserst problematesch. Dës Kéier koun et zu enger Kommunikatiounspann. Si waren e bëssen, si konnten hir Freed net cachéieren a si hunn dat missen hire Lieser oder Clienten direkt kommunizéieren. Mir wëssen, datt dat oft esou geschitt. Dat ass net normal, dat ass net seriö, dat ass entlarvend. An aus all deene Grënn wäerte mer selbstverständlich dës Gesetzesprojet net matstëmmen.

► **M. Marc Baum** (*déi Lénk*). - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*. - An d'Wuert huet elo de Finanzminister.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéierten, fir d'Éischt géif ech gärten ufänken, fir dem André Bauler villmools Merci ze soe fir säin exzellente Rapport. An ech soen, dass säi Verglach mam Stärestaurant, mam Kach, mer nawell ganz gutt gefall huet. An ech wënsche mer, dass de FIAR, de Fonds d'investissement alternatif réservé, dass dat muer e finanzielle Leckerbisse gëtt, awer nëmme fir d'Spezialisten.

► **Une voix.** - Nëmme fir d'Gourmeten.

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*. - Fir d'Gourmeten, fir d'Spezialisten, fir d'Professionellen, an de FIAR ass jo och fir déi reservéiert.

D'Fongenindustrie ass ee vun de Fleuronen, vläicht dee schéinste Fleuron vun eiser Finanz-

plaz haut. An deene leschte sechs Méint ass den Avoir an de Fongen e bëssen op an of gaangen, mä relativ stabil op enger méi laanger Period vun 3.500 Milliarden Euro ënner Management bei eis hei zu Lëtzebuerg. Domat si mer Nummer 2 an der Welt no Amerika an eis Part de marché an der ganzer Welt ass ganz grouss. Wann Der op Hongkong gitt, do sinn zwee UCITSe vun dräi, déi do verkaaft ginn, Lëtzeburger Strukturen.

Wann ech am Domän vun den alternativen Investmentfonge kucken, wat jo eng Denominatioun ass, déi et eréischt säit enger Direktiv vun 2014 gëtt, wéi mer eis do eropgeschafft hunn, dat ass och remarkabel. Mir hunn haut zu Lëtzebuerg 220 autoriséiert Alternativfongen a 600, déi enregistriert sinn. Mir sinn domadder och an den Top 3 vun Europa.

Eis Fonge gi verkaaft an iwwer 70 Länner, an d'Promoteuren, déi hei tätég sinn, komme vun 69 Länner. Lëtzebuerg ass also an deem Domän ganz gutt opgestallt scho säit Joren, an och an der rezenter Evolutioun si mer ganz gutt virukomm.

Mä mir dierfen net schlofen an eis op de Lorbeeren ausrouen, an dofir hu mer jo deen heite Projet presentéiert, deen eng grouss Innovatioun duerstellt fir Lëtzebuerg, well mer eis hei en neit Instrument ginn. A mir beräichere domat d'Palett vun deene Servicer, déi mer kënnen ubidden.

Ech si mer bewosst, dass et wichteg ass, eis Finanzplaz ze diversifizéieren. A mir schaffe ganz vill dodrop. Mir hunn och regelméisseg Reunione vum Haut-Comité de la place financière, wou mer iwwert déi Projekte mam Secteur schwätzen. Mä ech leeën awer och grouse Wäert drop, dass mer de richtigen Équilibre fannen tëschent Attraktivitéit op där enger Säit a Reputatioun op där anerer. An ech brauch lech jo net ze verheemlechen, dass, wa Lëtzebuerg en neie Produit lancéiert, dat op alle Radare vun der Welt gesi gëtt.

Par rapport zu der Vergaangenheet kënne mer net méi nëmmen op d'Attraktivitéit kucken, well wa mer dat géife maachen, géife mer ganz vill Riske lafen. Ech ginn elo net op d'Diskussioun vun der Fondation patrimoniale am Discours an, mä ech kommen herno nach drop zréck, well ech muss dem Här Mosar soen, de Reputationsrisk oder de Reputatiounsschued, op dee mer haaptsächlech mussen oppassen, dat ass deen, dass mer konform sinn, „compliant“, wéi dat op Englesch gesot gëtt, mat allen internationale Regeln, fir dass eis riseg Pannen, wéi der jo an der Vergaangenheet geschitt sinn, net méi solle virkommen.

Ech mengen, dass mer hei och de gudde Kompromëss fonnt hunn tëschent Attraktivitéit op där enger Säit a Respekt vun de Regeln. Mir baséieren eis jo justement op europäesch Direktiven, déi engem erlaben, net nëmmen d'Fongen, de Produit ze kontrolléieren an ze reguléieren, mä den Emetteur, de Promoteur vum Fong.

Dat ass fir Lëtzebuerg en fait eng Erneuerung, well mir spezialiséiert waren, en fait exklusiv eng Regelung haten, déi sech op de Produit applizéiert huet. Mat deem FIAR hei, deem Fonds d'investissement alternatif réservé, hu mir elo och d'Méiglechkeet, fir e Fong hei zu Lëtzebuerg ze erlaben, deen net iwwert de Produit reguléiert ass, mä wéi gesot iwwert de Promoteur.

Mir hunn natierlech ganz gutt opgepasst, dass mer awer hei déi néideg Garantien hunn. Ech sinn och frou, dass souwuel den Här Bauler wéi all déi aner Orateuren drop insistéiert hunn, dass mer hei relativ Kontrollen oder Gardefouen agebaut hunn. Ech wëll se rappeléieren.

Déi alleréischst ass am Fong geholl, an dat muss een ëmmer rappeléieren, dat steet jo am Acronyme, am Titel vun dësem Produit, dat ass, dass se reservéiert ass fir Professioneller.

An dann, zweetens, muss de Gestionnaire agreéiert sinn. A wann een da kuckt, vu wou déi Gestionnairen hierkommen, fir do op eng Kritik, ech weess net méi, vu wem, ze äntwerthen, ob dat dann an alle Länner optimal gemaach gëtt: De Gros vun de Gestionnaire si jo just an e puer Länner vun der ganzer Welt, haaptsächlech an England, wat Europa ubelaangt, an e puer aner Länner. Also, wann déi Gestionnaire fir England gutt sinn, mat engem ganz strikte Régulateur, da wäerte se jo och fir Lëtzebuerg gutt sinn. Dat ass d'Idée de base hannert dësem Produit an hannert den Direktiven an deem Domän.

Dat Zweet ass, dass natierlech e Réviseur agréé tätég ass, fir dat alles ze kontrolléieren. An drëtens, dass och eng Banque dépositaire heimat befaasst ass. A mir wëssen, dass d'Reglementatioun iwwert d'Banque dépositaire och vill méi renforcéiert ginn ass.

De Virdeel, ee vun den annexe Virdeeler vun dem FIAR ass d'Rapiditéit - dat ass vu Verschid-

denen ënnerstrach ginn -, well d'CSSF jo keen Agrément par définition muss ginn. Doriwwer kënne mer eis natierlech freeën.

A leschte Punkt, deen ech nach wollt am Kontext FIAR soen, dat ass déi Kritik, déi komm ass, wat den Acte notarié ubelaangt. Dat hu mer eis gutt iwwerluecht, muss ech soen. A mir hu fonnt, dass déi simple Attestation genuch Garantie géif ginn, well bei der simple Attestation och den Notaire d'Informatiounen an d'Dokumenten freet. An et ass och esou, dass bei den aktuelle Formen vun Instrumenter, déi mer hunn, wa se ënner Gesellschaftsform gemaach ginn am Fongebereich, dann hu mer jo en Acte notarié. Wa mer awer bei Fonds communs de placement sinn, hu mer deen net. Aus all deene Grënn eraus, mengen ech, dass mer hei dee richtigen Équilibre fonnt hunn.

Wat d'Fiskalitéit ubelaangt, mengen ech, huet de Rapporteur och richtegerweis drop higewisen, wéi dat jee no Fall traitéiert gëtt. Mat dësem Instrument beräichere mer eis Palett vu Produiten a mir leeschten domat eiser Finanzplaz e gudden Déngscht an domat och eisem Land.

Wat elo d'Kriticken oder d'Kommentare vum Deputéierte Mosar ubelaangt, wëllt ech zur Aktualitéit a Brexit soen: Jo, natierlech wäert dat méi schwéier gi mat dem Vereenegte Kinnekräich, mat deem mer jo e ganz wichtege Partner vun eiser Finanzplaz do hunn. Wa se erausginn, wat jo ganz probabel ass, da kënne se natierlech net méi deeselwechten Accès op den europäesche Maart hunn. Dat wësse se. Dat ass och ee vun deene gréissten Enjeuen.

An ech wëll do net virgräifen. Ech wëll awer just signaléieren, dass dru geduecht gëtt, awer déi AIFMD ze erweideren och un Drëttlänner. Dat ass awer nach net geschitt. Mä wann England da géif erausgoen, ass dat e Wee, iwwert deen ee vläicht dee Problem kéint léisen.

Wat elo déi dräi aner Punkten ubelaangt, déi den Här Mosar genannt huet, d'Direktiven. Also ech wëll elo net soen, dass mir ëmmer d'Weltmeeschtere vun der Vitesse sinn, mä mir maachen do eist Bescht. Mir haten och eng europäesch Présidence d'lescht Joer, déi natierlech immens vill Energie kascht huet an eis e bëssen an d'Hannertreffe bruecht huet, mä mir sinn amgaangen, dee Retard opzeschaffen.

Den Deputéierte Mosar huet zwou Direktive genannt, déi ganz wichteg sinn, däers si mer eis och bewosst. Déi eng ass d'MiFID-Direktiv, an do wollt ech lech soen, Här Mosar: Mir sinn do net en retard. Do ass den Délai de transposition geréckelt ginn op den 3. Juli 2017. Mä mir schaffe ganz aktiv drop. Mä ech wëll awer hei riichtstellen, dass mer do net en retard sinn. A wat de Crédit hypothécaire ubelaangt, hunn ech eng gutt Noricht fir lech, well mer dat geschter am Conseil de Gouvernement zréckbehalen hunn, an dass dat an den nächsten Deeg déposiert gëtt.

Wat d'Fondation patrimoniale ubelaangt, do mengen ech, muss een d'Geschicht awer ganz erzielen! D'Fondation patrimoniale, esou wéi se geschriwwen war, esou wéi se och an engem Rapport schonn ugehall gi war, wa mer dat ëmgosat hätten, hätte mer en duebele Feeler gemaach!

Dat Éischt wär, mir hätten do e Produit op de Maart gesat, deen no engem Joer obsolet gewiescht wier, well en net méi konform gewiescht wier mat der Direktiv, déi grad an deem Moment amgaange war adoptéiert ze ginn. Ech rappeléieren, dass déi Period, wou mer dat hätte solle stëmmen, ee Mount no LuxLeaks war! A wa mer déi Fondation patrimoniale dann erausbruecht hätten, also ech kann lech garantéieren, dass mer do de Contraire vun engem Succès gehat hätten. Mir hätte wahrscheinlech do ganz vill Missillen op Lëtzebuerg kritt!

Awer dann och am Intérêt vun der Plaz a vun der Reputatioun! Wat hätten dann déi Clienté gesot, deene mer eppes verkaaft hätten... Mir! Net mir, d'Akteure vun der Finanzplaz hätten e Produit, déi Fondation patrimoniale, u Clienté verkaaft, fir hinnen e puer Méint duerno ze soen: „Dat, wat mer lech do ugebueden hunn, fonctionnéiert elo net méi. An ënner anerem déi Anonymitéit, déi an deem Projet virgesinn ass, déi kënne mer net méi anhalen.“ Mengt Der da wierklech, dass mer do de Clienten an eiser Finanzplaz en Déngscht geleescht hätten? Ech mengen net! - Dat war eng rhetoresch Fro.

Mä elo ze soen oder ze maachen, wéi wa mir net géife séier genuch schaffen an dass dat d'Erklärung wär, firwat mer mat der Fondation patrimoniale net hei an d'Chamber kommen, ass och net richtig. Déi ganz Situatioun vun de Regëster vun Bénéficiaire économique evolueiert all Dag! No de Panama Papers huet d'Vereenegt Kinnekräich proposéiert, dass sollen d'Leschte vun de Bénéficiaires économiques ausgetosch ginn tëschent allen Autoritéiten. Hätte mir viru sechs Méint, also elo ufank vun dësem Joer, eppes déposiert, wäer mer erëm an eng Fal gelaf a mir hätten erëm missen de

Clienté soen: „Et deet eis leed, et changéiert alles.“

Also ech mengen, dass et am Intérêt vun der Finanzplaz ass an am Intérêt vun der Reputatioun vun eisem Land, dass mer hei virsiichteg sinn, dass mer alleguerten d'Aspekte kucken, dass mer se alleguerte kennen. Et geet jo alles an d'Richtung, dass de Bénéficiaire économique an d'Zukunft wäert bekannt ginn, iwwerall, an all Produit. Dat ass d'Tendenz! Et ass nach net ganz esou, mä et wäert dohinner goen. Wann een dat als Hypothèse de base hält, jo, da muss een dee Produit Fondation patrimoniale nei molen.

An ech schlësse jo net aus, dass mer en nei mole kënne mat deenen neien Aspekter. An da komme mer hei an d'Chamber an dann diskutéiere mer driwwer. Dofir wëll ech ganz kloer soen: Et ass net, well d'Regierung ze lues ass oder hir Aarbecht net mécht, dass mer net mat deem Projet heihinnerkomm sinn, mä well mer der Evolutioun, der internationaler Evolutioun wëlle Rechnung droen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*. - Zu deem leschte Punkt. Dir hutt e puer Beispiller genannt. Am Capital à risque huet Lëtzebuerg an de leschte Jore ganz vill gemaach. De Luxembourg Future Fund, mir hunn och elo e Fong fir IT gegrennt, also dat ass eng direkt Antwort op Är Fro Capital à risque. Do si mer virugaangen.

Bei verschiddene Saachen, wéi Cash-Pooling, muss ee sech och d'Fro stellen, ob een do wierklech en neit Instrument brauch oder ob net de Privatsektor do scho Léisunge fonnt huet, well ech héiere vill Akteuren, déi Cash-Pooling zu Lëtzebuerg maachen. A mir wëlle jo och net iwwerreglementéieren.

Ech mengen, domat hunn ech op alleguerten d'Fro geäntwert. Ech freeë mech awer, dass mer eng ganz breet Majoritéit hunn, fir dës Projet ze ënnerstëtzen, deen eiser Finanzplaz vill wäert hëllefen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*. - Den Här Mosar huet d'Wuert.

► **M. Laurent Mosar** (CSV). - Jo, Merci un den Här Finanzminister fir déi vill Äntwerten. Ech wollt awer nach eng Kéier op eppes agoen, fir d'Geschicht da ganz ze maachen.

De Minister huet ganz recht, wann en op dee Problem do hiweist vum Regëster a vum Bénéficiaire économique. Ech wollt just dem Minister nach eng Kéier rappeléieren, datt, wéi de Projet fir d'Éischt an der Chamber diskutéiert ginn ass, schonn deemools de Gilles Roth an ech selwer op dee Problem do opmierksam gemaach hunn. Deemools hat ech net d'Impressioun, datt dat allze vill eescht geholl ginn ass, well wann deemools eis schonn nogelauschtert gi wär, hätte mer, ech wëll net soen, de Problem vläicht scho kënne léisen.

Duerfir sinn ech d'accord, fir ze soen, dat do ass e reelle Problem. Mä ech mengen, mir ware mat déi Éischt, déi op de Problem higewisen hunn.

Ech wëll och dat heite soen, Här Finanzminister: Ech mengen, datt mer guer net derlaanschtkommen, datt mer an deem Regëster ganz kloer d'Bénéficiaire-économiquen ugin. Ech mengen, dee Projet, wéi en a senger ursprénglecher Form déposiert war, ass effektiv esou net méi duerchezéien. An dat hu mir, wéi gesot, schonn 2014, also virun déck zwee Joer, gesot.

Ech si mat lech d'accord, datt mer do keng Risiko sollen agoen. Dir wësst just, an ech wëll dat awer nach eng Kéier widerhuelen, datt awer dee Projet do iwwer Jore scho verkaaft ginn ass vun de Banken, vun den Akteuren vun der Finanzplaz, an datt dat do fir eis Reputatioun net onbedéngt gutt ass.

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*. - Also, et deet mer leed, ech kann déi Konklusioun do net deelen! Wat eng Katastrof fir eis Reputatioun wier, wär, wa mer géifen e Produit op de Marché bréngen, deen net räif ass an deen net konform ass zu deenen neiste Regeln, an dee vläicht verschidde Clienten och nach géife gebrauchen a wou mer hinnen no e puer Méint misste soen: „Et deet eis leed, dee Produit geet net méi.“

Also, ech froe mech, wou elo muss de Balancier goen, wat d'Reputatioun ubelaangt. Ech mengen, ech hunn et gutt erkläert. A wann Dir dat agesitt, an doriwwer sinn ech frou, dass mer mussen de Bénéficiaire économique ugin: Déi ganz Diskussioun ass amgaangen, a mir



solle mat deem Produit, ech nennen dee Produit déi Fondation patrimoniale, mir solle mat där erauskommen, wann d'Situatioun sech stabiliséiert huet, well da kënne mer de Clienten, potenzielle Clienten eppes ubidden, wat d'Strooss hält.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci. Ech hunn nach Wuertmeldung vum Här Fayot.

► **M. Franz Fayot** (*LSAP*). - Jo, Merci, Här President. Ech géif just gär ganz kuerz goen op eppes, wat de Spriecher vun deene Lénke gesot huet, dee gemengt huet, e misst eiser Fraktioun hei eng Recommandation de vote ginn zu dësem Projet. Ech géif dozou gär zwou Saa-che soen.

Déi éischt, dat ass, dass d'LSAP vu kengem eng Recommandation de vote muss kréien. Mir wësse ganz genee, wat mer maachen op all Projet de loi.

An dat Zweet, wat ech géif gär soen, dat ass, dass mer, wann een da probéiert hei, eis op eiser Lénker ze iwwerhuelen, da muss ee sech awer och e bësse méi genee mat deene Projeten auserneesetzen. An da muss ee sech och seriö domadder auserneesetzen. Ech géif dem Här Wagner gär soen, dass déi Promoteuren, déi déi Fongen hei opleeën, dass déi reglementéiert sinn ënnert der Direktiv AIFMD. A wann en e bësse Gediechtnes huet, da kann e sech och vläicht erënneren, dass déi Direktiv net schrecklech populär war a Finanzkreesser.

Dat ass en zimleche Quantesprong an der Reglementatioun vun den alternativen Investissementer. An dat huet mat sech bruecht, dass déi Leit an déi Promoteuren, déi déi Produiten do opleeën, éischter vill méi seriö reglementéiert sinn, wéi dat virdrun de Fall war. An deen eenzelne Standard, dee mer elo hei aféiere mat dësem Produit, wou just nach de Gérant, de Promoteur reglementéiert gëtt, dat ass en europawäiten. An ech mengen net, dass mer domadder hei e Produit schafen, deen net seriö ass an deen eng LSAP net kéint matdroen.

Voilà. Ech wollt just dat soen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci. Mir sinn um Enn vun den Diskussiounen ukomm. An ech géif lech proposéieren, fir d'Éischt elo iwwert dëse Projet ofzestëmmen an dann op dee viregte Projet zréckzekommen.

Domat d'accord?

(**Assentiment**)

Merci. Dann huele mer de Projet de loi 6929.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6929 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

De Projet de loi 6929 ass mat 58 Jo-Stëmmen, bei 2 Nee-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, fir d'Dispens ze ginn?

(**Assentiment**)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

5. 6969 - Projet de loi relative à la profession de l'audit portant:

- transposition de la directive 2014/56/UE du Parlement européen et du Conseil du 16 avril 2014 modifiant la directive 2006/43/CE concernant les contrôles légaux des comptes annuels et des comptes consolidés;

- mise en œuvre du règlement (UE) n°537/2014 du Parlement européen et du Conseil du 16 avril 2014 relatif aux exigences spécifiques applicables au contrôle légal des comptes des entités d'intérêt public et abrogeant la décision 2005/909/CE de la Commission;

- modification de la loi modifiée du 13 juillet 2005 relative aux institutions de retraite professionnelle sous forme de sepcav et assep;

- modification de la loi modifiée du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales;

- abrogation de la loi modifiée du 18 décembre 2009 relative à la profession de l'audit (suite)

An da komme mer op dee viregte Projet zréck. Dat ass de Projet de loi 6966. An... 6969, entschëllegt! 6969!

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6969 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt direkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

An de Vott ass unanime defir.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(**Assentiment**)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mir géifen zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6963, wou et ëm eng Moderniséierung vun der Prozedur fir d'Taxe-d'abonnemente geet. An, wéi kéint et aneschtens sinn, eisen Abonnements-rapporteur vun haut, den Här André Bauler, huet d'Wuert!

6. 6963 - Projet de loi

- portant introduction en matière de taxe d'abonnement de l'obligation de dépôt électronique des déclarations par les organismes de placement collectif et les fonds d'investissement;

- modifiant la loi modifiée du 22 frimaire an VII organique de l'enregistrement;

- modifiant la loi modifiée du 21 ventôse an VII relative à l'organisation de la conservation des hypothèques;

- modifiant l'article 2200 du Code civil; et

- abrogeant l'article 2201 du Code civil

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. André Bauler** (*DP*), *rapporteur.* - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass wichteg a richtig, dass ee vu menge Virriedner, de Laurent Mosar, och nach emol drop higewisen huet, dass eis Statsfinanze staark ofhängeg si vun eiser internationaler Finanzplaz. An duerfir musse mer effektiv alles drusetzen, fir op déi technologesch Entwécklungen op dësem Feld schnellstméiglech ze reagéieren.

D'Stéchwuert ass hei d'Digitaliséierung an hir Konsequenzen. Dorëms geet et och bei dësem Gesetzesprojet. De Gesetzesprojet, zu deem ech lech elo e ganz kuerze mëndleche Rapport maachen, reit sech effektiv an d'Efforten an, déi gemaach ginn, fir am Kader vun der Simplification administrative, der administrativer Vereinfachung ze agéieren, a méi genau wat déi elektronesch Deklaratioun vun der sougenannter Taxe d'abonnement ugeet.

De Gesetzesprojet mat der Nummer 6963 gouf den 3. Mäerz 2016 vum Finanzminister déposéiert. Den 29. Februar, et war e Schaltjoer, hat d'Chambre des Huissiers hiren Avis zum Gesetzestext schonn ugeholl. D'Chambre des Métiers huet hiren Avis de 17. Mäerz guttgeheescht, d'Chambre des Notaires den 23. Mäerz an d'Chambre des Salariés huet dëst de 4. Abrëll gemaach. Den Avis vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics datéiert vum 19. Abrëll, dee vun der Chambre de Commerce vum 21. Abrëll. De Statsrot huet de Gesetzestext elo de 5. Juli aviséiert an do konnte mer relativ séier schaffen an der Cofibu, a mir hunn de schrëftleche Rapport den 8. Juli guttgeheescht.

Här President, vu dass de Gesetzestext vun de Mëtten nëmme véier Artikelen huet, ginn ech op déi eenzel Ännerungen an.

Artikel 1, hei geet et ëm d'Deklaratioun vun der Taxe d'abonnement. Ab dem 1. Januar 2018 mussen déi trimestriell Deklaratiounen fir d'Fonds d'investissement spécialisés a fir d'Organismes de placement collectif obligatoresch iwwert den elektronische Wee déposéiert ginn, esou wéi dat elo scho bei der TVA de Fall ass.

Dëst mécht d'Liewe souwuel vun de Verwaltungen wéi och vun den Akteure vun der Finanzplaz méi einfach, andeem ee sech vun engem grouse Volume vu Pabeier befreit. Bei der Société de patrimoine familial, esou gouf eis nach eng Kéier an der Kommissioun gesot, bleift den Dépôt weider och iwwert de klasseche Wee, de Pabeierwee, wann een dat esou soen däerf, méiglech. Et ginn dann awer och nach e puer weider Upassungen gemaach, dat well verschidde Regëster iwwert den elektronische Wee gehale ginn.

Den Artikel 2 betrëfft déi intern Prozedure vun der Enregistrementsverwaltung. Hiert Gesetz gëtt geännert, dat well d'Pabeierregëstere ofgeschafft ginn.

Den Artikel 3 handelt iwwert d'Conservation des hypothèques. Dëse Regëster gëtt dann och elo elektronesch gefouert.

An dann zum Artikel 4, deen de Code civil op zwou Plazen ofännert. Hei gëtt de Registre de dépôt och sous forme électronique gehalen. De Centre des technologies de l'information de l'État (CTIE) wäert hei e sougenannten Dépôt électronique sécurisé maachen.

Här President, et ass noutwendeg, d'Simplification administrative och am Finanzberäich widerzeféieren, d'Dematerialisatioun vun de Prozeduren, déi d'Informatik an d'Digitalisatioun méiglech maachen, widerzedreien. An duerfir kann een eigentlech dësem Gesetzestext nëmmen zoustëmmen.

Dat gesot, ginn ech och den Accord vu menger Fraktioun. Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci och. Dann huet d'Wuert den Här Mosar.

Discussion générale

► **M. Laurent Mosar** (*CSV*). - Merci och nach eng Kéier. Den Här Bauler huet de Mëtteg den „grand chelem“ gemaach, géife se am Tennis soen, dräi grouss Rapporte gemaach, a besonnesch dee leschten, dee vläicht net spektakulär ass, ass extrem wichteg. Et ass e ganz, ganz technesche Projet.

Hien huet eis deen, wéi gesot, nach eng Kéier ganz flott am Detail hei virbruecht, soudatt ech net méi ganz vill dobäizesetzen hunn a just och nach eng Kéier den Accord vun eiser Fraktioun dozou bréngen.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci. Da ginn ech dovun aus, dass et um Här Bodry ass.

► **M. Alex Bodry** (*LSAP*). - Jo, Här President, ech mengen och, ech bräicht net weider hei auszuhuelen zu deem heite Projet. Mir hunn en

an der Kommissioun diskutéiert a mir waren alleguerten domat averstanen.

Ech géif och den Accord vun der LSAP-Fraktioun erabrénge.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci. Madamm Loschetter.

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*). - Merci, Här President. Hei bei deene Gréngen ass et genau d'selwecht. Et ass alles gesot. Et bleift der grénger Fraktioun, den Accord zu dësem Projet de loi ze ginn.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci. Ech ginn dovun aus, dass mer dann um Enn vun eiser allgemenger Diskussioun sinn an den Här Finanzminister huet d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances.* - Jo, Merci. Ech freeë mech natierlech, dass mer iwwert dëse Projet e Konsensus hunn. Just e puer Wuert. Mat deem heiten Text maa-che mer eng Dematerialisatioun vun der Taxe d'abonnement. Dat ass gutt fir den Environnement. Dat ass gutt fir d'Effikassitéit vun der Administratioun. Dat geet alles méi séier. An dat ass eng modern Saach.

Ech wëll och der Administration de l'Enregistrement et des Domaines félicitéieren, well dat eng vun deenen Administratiounen am Stat ass, déi am meeschten op d'Elektronik gesat huet scho säit Joren, an dofir eng vun deenen effikasssten am Land ass.

Ech wëll jo net onbedéngt dem Här Mosar widersprieche, vu dass mer allen zwee Tennisfrënn sinn, an ech wëll natierlech dem André Bauler Merci soe fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport, mä leider, André Bauler, ass et net en „grand chelem“ et ass en „petit chelem“, well wann een der dräi mécht, ass dat en „petit chelem“. Fir den „grand chelem“ muss een der véier hannertenee maachen. Dat ass da fir eng aner Kéier.

(**Hilarité**)

► **Une voix.** - Mä et léiert een awer ëmmer bäi.

(**Brouhaha**)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci. Da kënne mer zur Ofstëmmung iwwergoen iwwert de Projet de loi 6963.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6963 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

59 Participatiounen um Vott, 59-mol Jo, also Eestëmmegkeet.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6963 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Félix Eischen), Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Emile Eicher (par M. Laurent Mosar), Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank (par Mme Diane Adehm), Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet (par M. Claude Wiseler);

MM. Marc Angel, Frank Arndt (par M. Roger Negri), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton (par M. Alex Bodry), M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par Mme Taina Bofferding), Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn (par M. André Bauler), Alexander Krieps, Claude Lamberty (par Mme Joëlle Elvinger), Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(**Assentiment**)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

An da géife mer zum Projet de loi 6972 iwwergoen, eng Transpositioun vun der Direktiv iwwert den automateschen Austausch vun Informatiounen am fiskale Beräich. An d'Wuert huet de Rapporteur, den Här Eugène Berger.